# Parbréif

**fir d'Par**

## Äischdall-Helpert
## St. Willibrord

Wochen vum 30. Mäerz bis den 24. Mee 2026

N° 2/26 – Jg 9



# Ouschteren 2026



AERONAUTICA MILITARE
LIU·JO
GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER
LONDON
MK
MICHAEL KORS
www.maxpoint.lu
13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
Tél : 39 93 61
Nonnemillen Center
121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
Tél : 26 72 08 90
bratex.lu

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Pastoralekipp
# Equipe pastorale

---

## Parzenter – Centre paroissial

**61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH**

**☎ 20 80 02 60** **aischdall-helpert@cathol.lu**

**Permanence:** freides vu 14 bis 17 Auer

**Bürostonnen:** Per Telefon ass de Büro d'ganz Woch iwwer ze erreechen.
(oder am beschten iwwer Email oder op Rendez-Vous)

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer ☎ 26610403 joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon ☎ 20800260 jos.halsdorf@cathol.lu
Abbé **Patrick Schmit,** Diakon ☎ 621413834 patrick.schmit@cathol.lu

**Telefon am Noutfall: ☎ 621966429**
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
**8. Mee 2026 um 12 Auer!**

De Parbréif 2/26 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt
(verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 3/26 geet vum 25. Mee bis den 12. Juli 2026

**Impressum:**
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

https://cathol.lu/aischdall-helpert



Ouschterlammmotiv um Buedem vun der Äischener Kierch
(Foto: J. Santer)

## D'Pastoralteam
## aus der Par
## „Äischdall-Helpert St-Willibrord“

wënschen Iech alleguerten
ee frout a geseeentent

# Ouschterfest 2026

Joyeuses Pâques dans la joie du Christ ressucité!
Ein gesegnetes Osterfest im Licht des Auferstandenen!
Buona Pasqua nella gioia del Risort!
Ima feliz e benzida Páscoa!

Abbé Joël Santer
Paschtouer

Abbé Jos Halsdorf
Diakon

Abbé Patrick Schmit
Diakon

# Avanti piccolo Lussemburgo

**(Poopst Franziskus)**

*Gedanken fir d'Ouschterzäit 2026*

Mir liewen an enger Zäit, déi vill Mënschen onsécher mécht. Krich an der Welt, Onrouen tëscht Vëlker, eng wirtschaftlech Ongewëssheet, ëmmer méi héich Präisser an och d'Fro no bezuelbarem Wunnen – dat alles dréckt op d'Stëmmung vu ville Leit. Heiansdo fillt et sech un, wéi wann d'Welt schwéier Otem hëlt.

An awer feiere mir Chrëschten all Joer erëm dat Fest, dat eis drun erënnert, wou eis déifste Hoffnung läit: **Jesus Christus, de Gekräizegten, ass vum Dout operstanen.**

Ouschteren ass keng schéin Erzielung aus enger laang vergaangener Zäit. Ouschteren ass d'Botschaft, datt den Härgott och do Liewe schaaft, wou mir Mënschen nëmmen nach d'Enn gesinn. D'Kräiz vum Karfreideg huet net dat lescht Wuert. Den Härgott huet dat lescht Wuert – an dat Wuert heescht Liewen.

Dëst gëtt eis Courage. Och an enger Welt voller Spannungen an Ängschten däerfe mir als Chrëschten Hoffnungsmënsche sinn. Net well mir d'Problemer ignoréieren, mee well mir wëssen: den Härgott geet mat eis duerch d'Däischtert. Nom Karfreideg kënnt Ouschtersonndeg.

D'Ouschterzäit invitéiert eis dofir, Christus erëm bewosst ze sichen. Am Gebied, an der Stëll, an der Eucharistie, an der Begéinung mateneen. De Glawen ass nämlech kee Wee fir eleng ze goen. Hie gëtt méi staark, wa mir en zesumme liewen – an eiser Par, an eise Familljen, an eise Gemeinschaften.

Vill kleng Zeeche vu Guttheet, vun Opmierksamkeet a vun Zesummenhalt kënnen haut schonn e bëssen Ouschterliicht an eis Welt bréngen. Do, wou Mënschen sech géigesäiteg droen, do blénkt schonn eppes vun der Operstéiung op.

Den 2. Mäerz war eisen Äerzbëschof, de Kardinol Jean-Claude Hollerich op Pastoralvisitt an eisem Dekanat am Parzenter zu Bruch. Hiën huet äis do seng Visioun vun der Kierch duergeluecht. Eis Kierch wäert nach vill méi kleng ginn, eis Paren wäerten sech op Dauer nët méi hale kënnen. Mir mussen op sinn an op ginn fir Verännerungen, fir eng nei Realitéit vu „Kierchsinn“ wéi déi, déi mir während Jorzéngten gewinnt sinn. Jo, eis Kierch gëtt och ëmmer méi faarweg. Mënschen mat anere Kulturen a Sproochen komme bei eis, fir Deel vun eiser Gesellschaft ze sinn. Dat bedeit och eng „Ouverture“ fir eis Kierch, déi vill méi faarweg gëtt, déi och eis anersproocheg Matchrëschten häerzlech Wëllkomm heesche muss. Och wann eis lëtzebuergesch Communautéit méi kleng gëtt, wuessen anersproocheg Communautéiten an eisem Land, huet den Här Äerzbëschof ervirgestrach. Mir erkennen – grad och bei jonke Mënschen – nees een Duuscht no Spiritualitéit. Et gi – grad bei deene Jonken – Hoffnungszeechen, déi eis frou maachen. D’Zukunft vun eiser Kierch läit nët méi onbedéngt an deem Gewinnten, mä an deem Neien.

Duerfir passt dee Saatz ganz gutt, deen de Poopst Franziskus un eis Kierch zu Lëtzebuerg geriicht huet: „Avanti piccolo Lussemburgo.“ Jo, mir däerfen mat Courage Neies woën, äis op de Wee maachen. Well den Operstanenen här ass bei äis. Wéi scho gesoot: d’Kräiz vum Karfreideg huet net dat lescht Wuert. Den Härgott huet dat lescht Wuert – an dat Wuert heescht Liewen.

Dëser Erausfuerderung wëlle mir äis als Par stellen. Mir wëllen opsinn fir Neies. Mir wëllen eis Communautéit opmaachen fir se all. Mir wëllen eis trauen, fir no vir ze goën, sou wéi eise Parpatréiner, den hellege Willibrord, eis dat gewisen huet. Well nom Karfreideg kënnt Ouschteren.

Zesummen mat eisem Pastoralteam wënschen ech Iech alleguer eng geseent Ouschterzäit. Loosst eis mat oppenem Häerz no Christus sichen – hien, dee lieft a mat eis ënnerwee ass. **Geseent Ouschteren!**

Abbé Joël Santer
Paschtouer

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique
KIERCHEFONG

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Conseil de la gestion paroissiale (CGP09)

Liebe Mitchristen,
Am 2. März fand im Pfarrzentrum in Brouch ein Treffen zwischen Erzbischof Kardinal Jean-Claude Hollerich, Weihbischof Leo Wagener, Generalvikar Patrick Müller, mit Vertretern der CGPs des Dekanats „Zentrum" und mit zwei Mitgliedern des CCA des Kierchefong statt. Dieses Treffen war lange erwartet worden, konnte aber aufgrund der Verpflichtungen unseres Erzbischofs in der Weltkirche nicht zu einem früheren Zeitpunkt stattfinden.

Worum ging es? Im Raum stand die zentrale Frage, wie die Pfarreien aufgrund schwindender Einnahmen die finanziellen Belastungen oft leerstehender Gotteshäuser stemmen können. Der Erzbischof erläuterte, dass um das Jahr 800 die Weltkirche während zwei Jahrhunderten über den Begriff Kirche diskutiert hat. Die zu beantwortende Frage damals war: Was ist Kirche? Sind das die Gebäude, in denen Gottesdienste abgehalten werden, oder sind das gemeinschaftliche Versammlungen von Gläubigen, die auch außerhalb dieser Gebäude stattfinden können?

Man kam damals zu dem Entschluss, dass (eine) Kirche dort ist, wo sich eine Gemeinschaft von Gläubigen trifft und Eucharistie feiert. Wir brauchen also demzufolge nicht notwendigerweise die Gotteshäuser, die im Laufe der Jahrhunderte erbaut worden sind, um Kirche zu sein. Der Erzbischof erläuterte des Weiteren, dass aufgrund einer sich verringernden Anzahl von Gläubigen in absehbarer Zukunft, diverse Pfarreien aussterben werden und zwar einmal bedingt durch das Sterben der letzten praktizierenden Gläubigen, andererseits aus Mangel an notwendigen Priestern, um kirchliche Gemeinden zu leiten und zu betreuen. Daher kann man davon ausgehen, dass sich in Zukunft die verbleibenden kirchlichen Gemeinschaften auf der Ebene eines Dekanats organisieren werden und nicht mehr in den heutigen Pfarreien.

Wir erleben diesen Tatbestand seit etlichen Jahren in unserer Pfarrei. Von anfänglich 22 Kirchen und Kapellen, haben wir heute nur noch 13 Kirchen und Kapellen, in denen Eucharistiefeiern sind, wobei regelmäßige Eucharistiefeiern

(mindestens 1x pro Woche) in vier Kirchen stattfinden. Dies sind die Pfarrkirche St. Matthias in Bruch, die Kirche St. Nikolaus in Hobscheid, die Kirche St. Stephanus in Bissen und die Kirche St. Petrus und St. Paulus in Tüntingen. Die Kirchen in Böwingen/Attert, Buschdorf, Simmern und Roodt/Eischen werden nur noch sporadisch benutzt, da eine kirchliche Gemeinschaft in diesen Ortschaften leider quasi inexistent ist. Obwohl diverse Gemeinden unser Problem der Finanzierung dieser wenig genutzten Kirchen verstehen und versuchen, uns auch zu unterstützen, wo es möglich ist, verursachen diese vorher genannten Kirchen doch Kosten, die wir zu tragen haben und die wir anderswo besser einsetzen könnten.

Der Bischof hat des Weiteren bemerkt, dass, obwohl die Hauptfunktion eines Priesters das Feiern der heiligen Messe und der Sakramente ist, ein Priester auch die Zeit aufbringen muβ, um sich anderen pastoralen und seelsorgerischen Tätigkeiten zu widmen, neben dem bürokratischen Aufwand, den die Verwaltung einer Pfarrei mit sich bringt. Die einem Priester zur Verfügung stehende Arbeitszeit muss daher sinnvoll eingesetzt werden, und wegen des bestehenden Priestermangels ist es aus diesem Grund auch nicht mehr möglich und nicht mehr sinnvoll, dass ein Priester versucht, in allen geweihten Kirchen seiner Pfarrei vor zum Teil leeren Bänken Gottesdienste zu feiern. Das mag etliche von Ihnen stören, aber wir können nicht aus Tradition Geld und Zeit verbrauchen für leere Kirchenhäuser.

In diesem Zusammenhang möchte ich auch unterstreichen, dass die Entscheidung über das Stilllegen und die Entweihung von Gotteshäusern ein längerer Prozess ist, der durch diverse Gremien getroffen wird und niemals alleine durch den amtierenden Pfarrer, der wie jedes Mitglied dieser Gremien eine Stimme unter vielen hat. Es ist daher unkorrekt und unchristlich, einen Pfarrer alleine für die Entweihung einer Kirche verantwortlich zu machen, sondern diese Verantwortung wird getragen von der Mehrheit der jeweiligen kirchlichen Gremien, die in diesen Prozess eingebunden sind.

Wir möchten Sie also nochmals auf die Notwendigkeit hinweisen, dass wir weitere Kirchenschlieβungen in unserer Pfarrei vornehmen müssen und werden, um der heutigen Wirklichkeit in unserer Pfarrei und darüber hinaus der luxemburgischen Kirche Rechnung zu tragen, da es für uns sinnvoller ist, unsere Mittel und unsere Kräfte zu bündeln und dort einzusetzen, wo christliche Gemeinschaft gelebt und gefragt ist.

März 2026

Claude Faber, Präsident CGP09

# Gottesdéngschtuerdnung

## fir d’Wochen vum 30. Mäerz bis den 24. Mee 2026

Méindeg, 30.03.26 — Méindeg an der Karwoch

09:00 **Téinten:** Mass als Joermass fir Abbé Ferdy Fischer.
Uschléissend: Beichtgeleëenheet / Confessions.

18:30 **Bruch:** Boussfeier als Virbereedung op Ouschteren.
Uschléissend: Beichtgeleeënheet / Confessions.

Dënschdeg, 31.03.26 — Dënschdeg an der Karwoch

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Mëttwoch, 01.04.26 — Mëttwoch an der Karwoch

18:30 **Kathedral:** Feierlech, konzelebréiert Pontifikalmass mat Wei vun den Hellegen Uelecher (Chrisam-Mass).

An der Bëschofskierch weit de Bëschof haut d’helleg Uelecher, déi bei der Daf a Firmung, beim Sakrament vun der Weih a bei der Krankesalbung gebraucht ginn Chrisam, Katechumenenuelech a Krankenuelech. Dës Weih mecht däitlech, dass de Bëschof den eigentlechen Hiert vum Bistum a Spender vun de Sakramenter ass. Duerfir sinn d’Geeschtlech an déi Gleeweg invitéiert, dës Mass zesummen mam Bëschof ze feieren. An dëser Mass erneieren déi Geeschtlech och hiert Weiheverspriechen vis-à-vis vun hierem Bëschof. No der Mass ginn d’Helleg Uelecher un déi sechs Dechen iwwerreecht. Um Gréngendonneschdeg mueres ginn d’Helleg Uelecher dann vum Dechen un d’Geeschtlech aus dem Dekanat iwwerreecht, esou dass dann déi neigeweihten Uelecher um Gréngendonneschdeg, dem Dag vun der Asetzung vum Priesterum, an eise Paren ukommen, fir ab der Ouschternuecht bei de Sakramentsspendungen gebraucht ze ginn. Duerfir gëtt den neien Uelech bei der Agangsprëssessioun um Gréngendonneschdegowend mat op den Altoer bruecht.

Donneschdeg, 02.04.26 — Gréngendonneschdeg

09:00 **Miedernach/Centre „Les Étangs“:** Verdeelung vun den hellegen Uelecher un d’Geeschtlech aus dem Dekanat „Zentrum“.

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“: Feier vun der Krankesalbung** mat Beichtgeleeënheet.

# Einladung zur Chrisammesse

**Am Mittwoch, dem 1. April um 18.30 Uhr in der Kathedrale**

Kardinal Jean-Claude Hollerich, Erzbischof von Luxemburg, lädt alle Gläubigen zur Chrisammesse am Mittwoch, dem 1. April 2026, um 18.30 Uhr in die Kathedrale ein. Während des Pontifikalamtes werden die Heiligen Öle – Chrisam, Katechumenen- und Krankenöl – geweiht, beziehungsweise gesegnet. Sie sind die äußeren Zeichen der Güte und der Barmherzigkeit Gottes, die den Empfängern in besonderer Weise in den Sakramenten der Kirche zuteilwerden.

Während dieser Eucharistiefeier erneuern auch die Priester der Erzdiözese in Gegenwart ihres Bischofs ihre Bereitschaft zum priesterlichen Dienst. Das geweihte Amt ist Dienst am gemeinsamen Priestertum aller Gläubigen, die durch ihre Taufe und die Salbung mit Chrisam Anteil haben an Jesus Christus, dem wahren König, Priester und Propheten.

*Die Chrisammesse wird im Live-Stream auf cathol.lu übertragen.*

# Invitation à la messe chrismale

**Mercredi 1er avril à 18.30 heures en la Cathédrale**

Le Cardinal Jean-Claude Hollerich, Archevêque de Luxembourg, invite tous les fidèles à la messe chrismale le mercredi 1er avril 2026 à 18.30 heures en la Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg. Au cours de cette célébration pontificale les saintes huiles – chrême, huile des catéchumènes et huile des malades – sont consacrées, respectivement bénites. Ils sont le signe de la bonté et de la miséricorde divine auxquelles les croyants ont part en recevant les sacrements de l’Église.

Pendant cette eucharistie les prêtres de l’archidiocèse vont renouveler leurs promesses sacerdotales en présence de l’évêque. Le sacerdoce ministériel est au service du peuple de Dieu, qui à travers son baptême et l’onction par le Saint-Chrême participe à son tour au mystère du Christ, vrai roi, prêtre et prophète.

*La messe chrismale sera retransmise en live-stream sur cathol.lu.*

# Navette fir d'Kar- an Ouschterdeeg

Fir datt méiglechst vill Leit aus all eisen Dierfer d'Gottesdéngschter Gréngendonneschdeg a Karfreideg zu Bruch, d'Ouschternuecht zu Biissen an d'Ouschtermassen besiche kënnen, bidd eis Par och dëst Joer erëm een Transportservice un.

Wa Leit interesséiert sinn, d'Gottesdéngschter an eiser eiser Par matzefeieren, solle sich sech beim **John Weber (Tel.: 621 64 66 40)** mellen, dee sech ëm dësen Service an eiser Par bekëmmert. Him duerfir ee grousse Merci fir dëse wäertvollen Déngscht. Profitéiert vun dësem Service.

# Kar- an Ouschterdeeg op Livestream

Eis Gottesdéngschter aus der Parkierch vu Bruch kënnen awer och iwwer Livestream (an och duerno als Video op Youtube) gekuckt ginn: bei Youtube einfach „aischdall-helpert" eraginn, a schons kommt Dir op eise Kanal fir d'Gottesdéngschter ze kucken. Iwwerdroë ginn:

02.04.26 (Gréngendonneschdeg)
19:30 Auer: Mass vu Gréngendonneschdeg
Uschléissend: Ölbiergstonn
22:00 Auer: Komplet

03.04.26 (Karfreideg)
19:30 Auer: Feier vum Leiden a vum Stierwen vum Jesus

05.04.26 (Ouschtersonndeg)
10:30 Auer: Festhoumass vun Ouschteren.
18:00 Auer: Kanner- a Familljemass vun Ouschteren.

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

# Triduum paschalis





"... ACCIPITE ET MANDUCATE: HOC EST CORPUS MEUM"


"... ACCIPITE ET BIBITE, HIC EST SANGUIS MEUM"

LOOSSE MIR DE JESUS OP SENGEM LESCHTE WEE VIRUM DOUD BIS HIN ZUR OPERSTÉIUNG BEGLEEDEN.

- GRÉNGEDONNESCHDEN, DEN 02/04/2026 : HELLEG MASS UM 19:30 AUER ZU BRUCH AN DER KIERCH
- KARFREIDEN, DEN 03/04/2026 : KARFREIDEGLITURGIE UM 19:30 AUER ZU BRUCH AN DER KIERCH
- OUSCHTERNUECHT, DEN 04/04/2026 : OUSCHTERNUECHTFEIER UM 21:00 AUER ZU BIISSEN AN DER KIERCH



" CRUCIFIGE EUM! ..."



" RESURREXIT "

ACCOMPAGNONS ENSEMBLE JÉSUS SUR SON DERNIER CHEMIN AVANT LA MORT, JUSQU'À LA RÉSURRECTION.

- JEUDI SAINT, LE 02/04/2026 : SAINTE MESSE À 19H30 À L'ÉGLISE DE BROUCH
- VENDREDI SAINT, LE 03/04/2026 : LITURGIE DU VENDREDI SAINT À 19H30 À L-'ÉGLISE DE BROUCH
- SAMEDI DE PÂQUES, LE 04/04/2026 : VEILLÉE PASCALE À 21:00 À L'ÉGLISE DE BISSEN

# Triduum paschalis

Déi dräi éischterlech Deeg vum
Leiden, Stierwen a vun der Operstehung
vun eiser Här Jesus Christus

Donneschdeg, 02.04.26

## Gréngendonneschdeg

Asetzung vun der allerhellegster Eucharistie

19:30 **Bruch:** Feierlech **Mass vum leschten Abendmahl**, op Meenung (M11).

Duerno gët dat Allerhellegst op de Säitenaltoer iwwerdroën. Hei besteet uschléissend d'Méiglechkeet vum stëlle Gebied virum allerhellegsten Sakrament, fir de Jesus an dëser Nuecht nët alleng ze loossen, fir hiën ze tréischten an him Merci ze soën, dass hië fir eis Sënne gelidden huet a gestuerwen ass (Ölbiergnuecht). Als Zeechen vun der Trauer ginn no der Mass (och an deenen anere Kierchen) d'Altär ofgedeckt!

22:00 **Bruch:** Komplet (Nuetsgebied vun der Kierch).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Freideg, 03.04.26

## Karfreideg

Faascht- an Abstinenzdag

Dag vum Leiden a Stierwen vum Jesus

15:00 **Biissen/Wobierg:** Kräizweegebiet an der Doudesstonn vum Jesus.

15:00 **Bruch:** Kräizweegebiet an der Doudesstonn vum Jesus.

19:30 **Bruch: Karfreidegliturgie** (Feier vum Leiden a Stierwen vum Jesus): Wuertgottesdéngscht mat der Leidensgeschicht a grousse Fürbitten, Veréierung vum hellege Kräiz, Kommiounfeier a Veréierung vum hellege Graw.

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Samschdeg, 04.04.26

# Karsamschdeg

Dag vun der Grawesrou vum Jesus

09:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet / Confessions (bis 10:30 Auer).
11:00 **Habscht:** Beichtgeleeënheet / Confessions (bis 11:30 Auer).
14:00 **Biissen**: Beichtgeleeënheet / Confessions (bis 15 Auer).

De Karsamschdeg ass een Dag ouni Gottesdéngschter, well mer den doudege Jesus betruechten, dee begruewe gouf. Et ass och deen eenzege Samschdeg am Kierchejoer, deen een Owend huet (all déi aner Samschdeger fänkt owes jo de Virowend vum Sonndeg un). D'Ouschternuechtfeier, déi jo eigentlech nuets gefeiert soll ginn, an duerfir och eng „Nachtwache" ass, gehéiert zum Ouschtersonndeg. Aus deem Grond kann samschdes owes och keng Virowendmass zum Ouschtersonndeg gefeiert ginn.




Foto: Luzia Hein / pfarrbriefservice.de

# Grousst Ouschterfest A

## Héichfest vun der Opersteeung vum Jesus

Samschdeg, 04.04.26 **Ouschternuecht**

20:30 **Biissen:** Seene vum Ouschterfeier an deene neien Ouschterkäerzen, feierlechen Einzuch, Exultet (éischterlechen Luefgesang), Wuertgottesdéngscht (Vigilfeier) mat den dräi aaltestamentleche Liesungen, Seene vum neie Wäiwaasser, Erneierung vun eisem Dafverspriechen, duerno feierlech **Opersteeungsmass** op Meenung (M12).

Sonndeg, 05.04.26 **Ouschtersonndeg**

09:00 **Habscht:** Feierlech **Ouschtermass** mat Seene vum neie Wäiwaasser, als Joermass fir eise fréiere Paschtouer, de Pater Paul Birsens SCJ / fir eise fréiere Paschtouer Albert Fisch a Justine Simon / op Meenung (HD).

10:30 **Bruch:** Feierlech **Ouschterhoumass** mat Seene vum neie Wäiwaasser, op Meenung fir d'Par / fir Francis Kohl a fir d'Verstuerwen vun de Familljen Kohl, Bausch a Kolbach.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

18:00 **Bruch:** Feierlech **Ouschter- a Kannermass**, op Meenung (M13).
**No der Mass sichen d'Kanner an der Wiss niewent der Kierch verstoppten Ouschtereeër!**

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

# Halleluja!
# De Jesus liewt!

# Kannermass op Ouschteren

**SONNDEG, DEN 05. ABRËLL 2026**

Mir invitéieren Iech an eis Kannermass op Ouschteren um 18 Auer an der Parkierch zu Bruch, wou d'Kanner no der Mass d'Eeër siche kënnen, déi den Ouschterhues bruecht huet a wou och duerno d'Eeërtécken stattfënnt.

Nous vous invitons à notre messe pour les enfants à Pâques, qui aura lieu à 18 heures dans l'église paroissiale à Brouch. Après la messe, les enfants pourront partir à la chasse des oeufs que le lapin de Pâques leur a laissés et où ils pourront les manger plus tard.

# Ouschterméindeg

Méindeg, 06.04.26

10:30 **Sëll:** Feierlech **Ouschtermass** mat Seene vum neie Wäiwaasser, fir Marie Ries-Moonen / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Victor, Glesener, Eiffes a Petry / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Fisch-Schroeder / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Mousel.

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par.*

Dënschdeg, 07.04.26 **Dënschdeg an der Ouschteroktav**

09:00 **Bruch:** Laudes an Ouschtermass fir de Pater Francis Schumacher OSB.

Mëttwoch, 08.04.26 **Mëttwoch an der Ouschteroktav**

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 09.04.26 **Donneschdeg an der Ouschteroktav**

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Ouschtermass op Meenung (M14).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Bëschdref:** Ouschtermass fir Alex a Finny Cler-Tonnar / Stëftung fir Pierre Mangen a Justine Schmitz, a fir Carlo Mangen.

Freideg, 10.04.26 **Freideg an der Ouschteroktav**

09:00 **Bruch:** Laudes an Ouschtermass op Meenung (TH). Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 11.04.26 **Samschdeg an der Ouschteroktav**

15:00 **Bruch:** Daffeier fir Lyo Hoffmann.

16:30 **Bruch:** Beichtgeleeënheet (bis 17:00 Auer).

# 2. Sonndeg an der Ouschterzäit A

## „Quasimodo" – Oktavdag vun Ouschteren

Sonndeg vun der Göttlecher Barmhäerzegkeet

Samschdeg, 11.04.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (M15).

Sonndeg, 12.04.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir Margot Sinnes a fir d'Verstuerwen vun der Famill Sinnes-Larbière.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir déi Liewend a Verstuerwen vun der Famill Ries-Kremer.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir déi pastoral Aufgaben vun eiser Äerzdiözees!*

Méindeg, 13.04.26

09:00 **Téinten:** Mass fir Pierre Ewen.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 14.04.26

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Emile Weyer.

Mëttwoch, 15.04.26

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 16.04.26

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Josette Behm-Franzen.

Freideg, 17.04.26

18:30 **Béiwen:** Mass als 6. Wochemass fir Catherine Ewertz-Schartz.

Samschdeg, 18.04.26

09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-1).




Foto: Monika Fuchs / pfarrbriefservice.de

**Da wurden ihre Augen aufgetan und sie erkannten ihn.**

(vgl. Lk 24,31)

# 3. Sonndeg an der Ouschterzäit A

Samschdeg, 18.04.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Guillaume Bock.

Sonndeg, 19.04.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M16).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Familljemass als 1. Joermass fir de Pater Jacques De l'Arbre SJ.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 20.04.26

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M17).

Dënschdeg, 21.04.26 (Hl. Anselm, + 1109 & Hl. Konrad vu Parzham, + 1894)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

Mëttwoch, 22.04.26

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 23.04.26 (Hl. Georg, + ëm 304 & Hl. Adalbert, + 997)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M18).

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Rued:** Mass fir Ferdy Weiler.

Freideg, 24.04.26 (Hl. Fidelis vu Sigmaringen, + 1622)

18:30 **Béiwen:** Mass als 6. Wochemass fir Paul Faber.

<u>Samschdeg, 25.04.26</u> Fest vum hl. Evangelist Markus

<u>Ufank vun der Muttergottesoktav 2026</u>

09:00 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-2).

09:00 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-3).

16:00 **Kathedral:** Pontifikalandacht zum Ufank vun der desjäereger Muttergottesoktav.

OKTAV
LËTZEBUERG

Logo: Kathoulesch Kierch / intranet.cathol.lu

# 4. Sonndeg an der Ouschterzäit A

## Weltgebietsdag fir kierchlech Beruffer

Samschdeg, 25.04.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Waldemar Becker a fir d'Verstuerwen vun der Famill Reding-Breisch / Stëftung fir Jeannot Klein.

Sonndeg, 26.04.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M19).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Familljemass op Meenung (M20).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir d'Pastoral vu kierchleche Beruffer!*

Méindeg, 27.04.26 (Hl. Petrus Kanisius, + 1597)

09:00 **Téinten:** Oktavmass op Meenung (M21).

Dënschdeg, 28.04.26 (Hl. Louis Marie Grignion de Montfort, + 1716)

09:00 **Bruch:** Laudes an Oktavmass op Meenung (M22).

18:00 **Kathedral:** Pilgermass fir d'Dekanat "Zentrum", virbereet vun de Paren „Mëllerdall St-Michel" & „Miersch St-François".

Mëttwoch, 29.04.26 **Fest vun der hl. Katharina vu Siena, + 1380**

Schutzpatréinesch vun Europa

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 30.04.26 (Hl. Pius V., +1572)

**Pilgerdag vun eiser Par an d'Oktav**

08:30 **Fëschmaart/Mëchelskierch:** Oktavprëssessioun vun eiser Par an d'Kathedral.

09:30 **Kathedral:** Pilgermass fir d'Dekanat „Zentrum", virbereet vun der Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord".

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz "Am Park":** Wuertgottesdéngscht.

16:00 **Kathedral:** Pontifikalandacht mat Priedegt, fir d'Pilger vum Dag.


St. Willibrord Äischdall-Helpert
EISEN PILGERDAG AN
d'Oktav
MIR INVITÉIEREN IECH OP EISE PILGERDAG AN D'KATHEDRAL DEN 30/04/2026, ZESUMMEN D'MASS UM 09:30 AUER MAT EIS ZE FEIEREN.
NOUS VOUS INVITONS À CÉLÉBRER AVEC NOUS LA MESSE DANS LA CATHÉDRALE LORS DE NOTRE JOURNÉE DE PÉLERINAGE LE 30/04/2026 À 09H30.
08:45 AUER: DÉPART VUN DER PRËSSESIOUN VUN DER MËCHELSKIERCH AN D'KATHEDRAL
08:45 HEURES: DÉPART DE LA PRECESSION DE L'ÉGLISE ST.MICHEL VERS LA CATHÉDRALE

# Bus-Navette an d'Oktav

Fir an d'Oktav hu mer eng Bus-Navette organiséiert.
De Bus fiert op folgende Plazen fort:

**Bus:**
06:00 Auer: Äischen (Place Denn)
06:05 Auer: Habscht (op der Haaptstrooss beim Unionssall)
06:25 Auer: Bruch (bei der Kierch)
06:40 Auer: Biissen (bei der Kierch)

Wat déi aner Dierfer rondërem betreffen, humm d'Leit d'Méiglechkeet op e point-de-ramassage ze kommen. Do ginn se mat zwou Navetten vun eise Gemengen op Bruch bei d'Kierch gefouert, wou si de Pilgerbus kréien:

**Navette 1:**
06:00 Auer: Gräisch (Bushaltestell)
06:05 Rued: (Bushaltestell)
06:15 Tënten: (bei der Kierch)
06:20 Sëll: (Raiffeisebank)

**Navette 2:**
6:00 Auer: Béiwen (am Lëtschert)
6:10 Auer: Greveknapp (Bushaltestell)
6:15 Auer: Bëschdref (Bushaltestell)

Wa Leit aus engem aneren Duerf (Ansebuerg, Bur, Huelmes, Kaalmes, Kapweiler a Schweebech) matfuere wëllen, kënne si sech beim **John Weber (Tel.: 621 64 66 40)** mellen.

Um 14 Auer fiert de Pilgerbus aus der Stad erëm zréck an eis Dierfer. Vu Bruch aus fueren déi zwou Navetten och erëm an all aner Dierfer.

Freideg, 01.05.26 (Hl. Jousef, den Aarbechter)

1. Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)



09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz Jesu an zur Éier vum hl. Jousef, op Meenung (M23). Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 02.05.26

## Héichfest vu Maria, der Tréischterin am Leed

Patréinesch vu Stad a Land Lëtzebuerg

09:30 **Kathedral:** Pontifikalmass mat Priesterwei fir de Cédric Latz, Diakon an der Par „Lëtzebuerg Notre-Dame".

11:30 **Biissen:** Daffeier fir Pit Bettendorff-Clement.

14:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-1).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Jugendkatechees (CATE-4).



Statue vun der Tréischterin am Leed aus der Kathedral (Foto: J. Santer)

# 5. Sonndeg an der Ouschterzäit A

Oktavsonndeg: Äussert Patronatsfest vun eiser Äerzdiözees

Samschdeg, 02.05.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass *(op franséisch)* zur Éier vun der Tréischterin am Leed, als 1. Joermass fir Danielle Berchem / Stëftung fir Marie Engel-Schell

Sonndeg, 03.05.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass zur Éier vun der Tréischterin am Leed, als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Debank-Faber.

10:30 **Bruch:** Houmass zur Éier vun der Tréischterin am Leed, op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch:** Familljemass zur Éier vun der Tréischterin am Leed, op Meenung (M24).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 04.05.26 (Hl. Florian an hll. Märtyrer vu Lorch, + 304

325. Joresdag vun der Kierchwei zu Säll

09:00 **Téinten:** Oktavmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Koempgen.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 05.05.26

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M25).

09:30 **Kathedral:** Pilgermass fir d'Dekanat "Zentrum", virbereet vun de Paren „Ettelbréck Sts-Pierre et Paul" & „Dikrich Le Bon Pasteur".

Mëttwoch, 06.05.26

18:00 **Kathedral:** Pilgermass fir d'Dekanat "Zentrum", virbereet vun de Paren „Atertdall St-François et Ste-Claire" & „Rammerich St-Valentin".

Donneschdeg, 07.05.26 **9 Joer Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"**

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Oktavmass fir Josette Behm-Franzen.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Bëschdref:** Oktavmass op Meenung (M26).

Freideg, 08.05.26

09:00 **Bruch:** Laudes an Oktavmass op Meenung (M27).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

18:00 **Biissen:** Daffeier fir Charel Godart.



Statue vun der Tréischterin am Leed aus der Biisser Kierchl (Foto: J. Santer)

# 6. Sonndeg an der Ouschterzäit A

Schlussoktavsonndeg

Samschdeg, 09.05.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass zur Éier vun der Tréischterin am Leed, als Stëftung fir Pierre Ledesch / Stëftung fir Jeannot Klein a fir d'Verstuerwen vun der Famill Engel-Schell.

Sonndeg, 10.05.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass *(op franséisch)* zur Éier vun der Tréischterin am Leed, als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Hoffmann-Hoffmann.

10:30 **Bruch:** Houmass zur Éier vun der Tréischterin am Leed, op Meenung fir d'Par.

14:30 **Dikrech:** Schlussprëssessioun vun der Dikrecher Muttergottesoktav.

15:00 **Kathedral:** Schlussprëssessioun vun der dësjäereger Muttergottesoktav.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 11.05.26 **1. Bittdag**

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M28).

Dënschdeg, 12.05.26 **2. Bittdag**

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M29).

18:30 **Helperknapp:** Wuertgottesdéngscht zum Bittdag mat Seenen vun de Bëscher an de Felder.

# Héichfest Christi-Himmelfaart A

Mëttwoch, 13.05.26

19:00 **Biissen:** Virowendmass als Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Grethen-Kabers / Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Gricius-Goethals.

Donneschdeg, 14.05.26

09:00 **Äischen:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir Marcel Hansen a Virginie Kraus.

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Wuertgottesdéngscht.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d’Par.

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Freideg, 15.05.26

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Marie Liefgen-Habscheid / op Meenung (TH).
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 16.05.26

09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).

11:30 **Biissen:** Daffeier fir Nelly Victor.

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Yannick Roth.

14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).

14:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-1).

## 7. Sonndeg an der Ouschterzäit A

Samschdeg, 16.05.26
18:00 **Biissen:** Virowendmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Misch Lehnerts-Engling a Ferd Brosius-Lehnerts.

Sonndeg, 17.05.26
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Croat-Mergen.
10:30 **Bruch:** Houmass *(op franséisch)* op Meenung fir d'Par.
11:45 **Bruch:** Familljemass op Meenung (M30).
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kathedral- a Wallfaartskierch!*

Méindeg, 18.05.26 (Hl. Poopst Johannes I., + 526)
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M31).

Dënschdeg, 19.05.26
09:00 **Bruch**: Laudes a Mass op Meenung (M32).

Mëttwoch, 20.05.26

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 21.05.26
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M33).
18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.
18:30 **Sëll:** Mass fir d'Verstuerwen vun de Familljen Victor-Glesener, Victor-Eiffes a Glesener-Petry / Stëftung fir Mathias Schroeder a Catherine Agnes, fir hier Kanner Eugénie, Gilbert a Romy Schroeder.

Freideg, 22.05.25

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Robert Sibenaler / fir d'Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

# Päischtfest A

Samschdeg, 23.05.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (M34).

Sonndeg, 24.05.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M35).
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*




Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# INVITATION AUX CHRÉTIENS FRANCOPHONES

## → MESSE EN FRANÇAIS



- 1er samedi du mois à Bissen à 18:00 heures
- 2ième dimanche du mois à Hobscheid à 09:00 heures
- 3ième dimanche du mois à Brouch à 10:30 heures

# Päischtméindeg 2026

25. MEE 2026

WALLFAHRT ZUR ÉIER VUM HL. WILLIBRORD OP DEN HELPERKNAPP

09:30 AUER BESCHDREF - STATIOGEBIET BEIM WILLIBRORDUSBUER, USCHLEISSEND BITTPRESSESSIOUN OP DEN HELPERKNAPP.

10:00 AUER HELPERKNAPP - ROUSEKRANZGEBIET

10:30 AUER - PILGERMASS

FESTPRIEDEGT: Mgr Luc Terlinden, Äerzbëschof vu Mechelen-Bréissel

DUERNO: SEENE VUM WILLIBRORDUSBUER



# Bus-Navette

**BUS 1:** DÉPART UM 09:00 AUER AN UM 09:45 AUER

**SËLL** (PARKPLAZ BEI DER BANQUE RAIFFEISEN)
**TÉINTEN** (BUSHALTESTELL BEI DER KIERCH)
**BRUCH** (BUSHALTESTELL BEI DER KIERCH)
**BËSCHDREF** (BUSHALTESTELL BEI DER SCHOUL)
**HELPERKNAPP**

**BUS 1:** DÉPART UM 09:30 AUER

**BIISSEN** (PARKPLAZ BEI DER SPILLSCHOUL)
**BÉIWEN** (PARKPLAZ AM ,,LËTSCHERT")
**HELPERKNAPP**

DUERNO FONKTIONNÉIERT BIS 10:30 AUER ENG NAVETTE VUM GRÉIWEKNAPP OP DEN HELPERKNAPP. NO DER FEIER FUEREN EIS NAVETTEN ËREM ZRÉCK AN D'DIERFER.

# Aus eiser Par…

## Aus eisen Dierfer:

- **Äischen:**
  Am Mee wäert d'Altersheem zu Äischen seng Diren fir déi éischt Bewunner opmaachen. Ab dem 2. Juni wäerte mir als Par all dënschdes um 10:30 Auer eng Mass (oder Wuertgottesdéngscht) do feieren.

## Éischtkommioun 2026:

D'Éischtkommiounsfeier fir dëst Joer wäert e Samschdeg, den 27. Juni 2026, mueres um 10:30 Auer zu Bruch gefeiert ginn. Et sief och an Erënnerung geruff, datt d'Kommioun sech abett an dat kierchlecht Liewen vun der Parcommunautéit. Niewent der Katechees an der Éischtkommiounsvirbereedung ass d'Matfeier vun der Sonndesmass duerfir och eng Viraussetzung, fir d'Kommioun ze maachen.

## Fir eis Koschteren:

- Gréngendonneschdeg, Karfreideg a Karsamschdeg sinn déi Deeg, wou mer un d'Leiden, d'Stierwen an un d'Begriefnis vum Jesus denken. Duerfir ginn op dem Gréngendonneschdeg owes **d'Klacken** an alle Kierchen a Kapellen ausgeschallt (offiziell lauden se beim Gloria an der Abendmahlsmass fir d'lescht). Karsamschdeg ginn se dann (no 20 Auer) erëm ugeschallt, sou dass se fir Ouschteren erëm lauden (offiziell lauden se beim Gloria vun der Ouschternuechtfeier erëm fir d'éischt). Et wier schéin, wann an all Duerf ee sech dorëms géif bekëmmeren.
- Als Zeechen vun der Trauer ginn och sämtlech **Altär** vu Gréngendonnesch-deg bis Karsamschdeg **ofgedeckt.** Déi wäiss Altoerdicher symboléieren jo déi zesummegefaale Léngendicher, déi um Ouschtersonndeg am eidle Graw virfonnt goufen. Duerfir leien Karfreideg a Karsamschdeg keng Dicher op den Altär, als Zeechen vun der Trauer. Fir Ouschteren gi se da rëm schéi gedeckt a gerëscht.

- Fir Ouschteren soll déi nei **Ouschterkäerz** am eise Kierchen hier Plaz niewent dem Altoër anhuelen. D'Ouschterkäerz bleiwt déi ganz Ouschterzäit beim Altoer stoën, also bis Päischtsonndeg. Si brennt bei all Gottesdéngscht an der Ouschterzäit. Si däerf och während den Ouschtersonndeger de ganzen Dag an eise Kierche brennen als Zeechen vun der Opersteeung. D'Ouschterkäerzen ginn alleguerten um Ufank vun der Ouschternuecht geseent an ugefaangen.

## Firmung 2027:

Nodeems mer ee flotte Grupp vu Jonken zesummekritt hunn, plange mer déi nächste Firmung. Déi wäert e Samschdeg, de 5. Juni 2027 mueres um 10 Auer an eiser Par stattfannen. Am Hierscht wäert déi direkt Firmvir-bereedung ufänken. Wann nach weiderhi jonk oder erwuesse Matchrëschten gäre gefirmt wëlle ginn, sollen si sech nach roueg am Parsekretariat umellen.

## Massen op franséisch:

Als Suite vun der Pastoralvisitt vum Här Äerzbëschof huet de Pastoralrot aus eiser Par decidéiert, datt mer franséisch Massen ubidden fir eis frankophon Matchrëschten. Eis Gesellschaft wandelt sech, a mer hunn ëmmer méi Leit an eisem Land, déi franséischsproocheg sinn. Fir och dës Chrëschten ze erreechen an an eis Par anzebannen, proposéiere mer eng franséisch Mass um éischten Samschdeg am Mount zu Biissen, den zweete Sonndeg am Mount zu Habscht an den drëtte Sonndeg am Mount zu Bruch. Sou wéi eis Massen op lëtzebuergesch/däitsch gefeiert ginn mat e bësse franséisch, wäerte mer deenen franséische Massen haaptsächlech déi franséisch Sprooch benotzen mat bëssen lëtzebuergesch/däitsch. Schéi wier et, wann eis frankophon Matchrëschten esou och eng Plaz an eiser Communautéit kréichen. Eis Par ka gestäerkt an d'Zukunft goën, wa mer d'Mënschen all, och mat anere Sproochen a Kulturen, mat an d'Boot huelen.

## Krankebeicht / Krankekommioun / Krankesalbung:

Zu jidder Zäit kommen eis Geeschtlech gären bei Iech heem fir d'Krankebeicht, d'Krankekommioun oder d'Krankesalbung. Mellt Iech einfach am Parsekretariat un. Och an der Seniorenresidenz geet de

Paschtouer donneschdes no der Mass bei Leit an d'Zëmmer, wann de Wonsch geäussert gëtt. Mellt Iech och duerfir am Parsekretariat oder an der Rezeptioun.

## Massintentiounen:

An **alle** Kierchen a Kapellen kënnen och weiderhinn Masse gefeiert ginn, wann eng Ufro do ass a Leit dës Masse matfeieren. Et ass esou, datt ganz wéineg Massintentiounen bestallt sinn, also keng Demande do ass. Masse kann ee feieren fir Verstuerwener, fir déi Lieweg, awer och fir bestëmmten Uläss. Grad an deene Kierchen, wou keng Sonndesmassen méi gefeiert ginn, kënne vu méindes bis samschdes Masse gefeiert ginn (och samschdes owes no der Biisser Mass), **wann eng Demande do ass** (bestallte Massintentiounen) **a Leit, déi sech ëm d'Kierchen a Kapelle këmmeren**, esou datt och würdeg Gottesdéngschter kënnen ofgehaale ginn.

Ab Juni wäert dann och all dënschdes zu Äischen am Altersheem eng Mass gefeiert ginn. Vun elo un kënnen och Massintentiounen am Parsekretariat fir dës Massen bestallt ginn.

## Pilgerfaahrt op Kevelaer:

Vum 14. bis den 18. September pilgert eis Par, an Zesummenaarbecht mat der Par „Musel & Syr St-Jacques" op Kevelaer, wou ee Bildchen vun der Tréischterin am Leed am Mëttelpunkt vun der Wallfaahrt steet. Reservéiert Iech schons dësen Datum. Weider Informatiounen kommen zu gegebener Zäit eraus a si beim Här Paschtouer oder am Parsekretariat ze kréien.

## Ubiedung vum allerhellegsten Sakrament:

An eiser Péiter-a-Paulkierch zu Téinten hu mer an der Sakramentskapell ee wonnerschéinen Tabernakel, deen een opmaache kann, fir dann an enger Fënster dat Allerhellegst ze gesinn an unzebieden. Jiddereen kann heihinner kommen, fir mat dem eucharisteschen Jesus ee Moment ze verbréngen. D'Téintener Kierch ass all Dag op vun 8 bis 19 Auer. Et brauch ee just an de Chouer ze goën, wou op der rietser Säit d'Sakramentskapell


ass. Et däerf ee roueg den Tabernakel opmaachen, fir Jesus Christus unzebieden.

Zu Bruch ass freides no der Mass och ee Moment vun Ubiedung vum allerhellesten Sakrament.

Natierlech kann an alle Kierchen – wou d'éiweg Luucht eis d'Realpräsenz vu Christus am Tabernakel uweist – do virdru gebiet ginn! Duerfir sinn eis Kierchen zu Äischen, Béiwen/Atert, Bëschdref, Biissen, Bruch, Habscht, Säll an Téinten all Dag io, Profitéiert roueg vun dëser Gottespräsenz.

## Wäiwaasser:

Dëst Joer kann och nees Wäiwasser aus dem Wäiwaasserfaass matgeholl ginn. Benotzt roueg Wäiwaasser doheem, fir Iech ze bekräizegen oder um Kierfecht, fir d'Griewer vun eise Verstuerwenen ze seenen. D'Wäiwaasser, wat geseent ass, erënnert äis un eis Daf. An et dréckt aus, datt den Härgott am Liewen mat äis ass. Wäiwaasser fannt Dir an eise Kierchen zu Äischen, Béiwen/Atert, Bëschdref, Biissen, Bruch, Habscht, Säll am Téinten. Dës Kierchen sinn all Dag op!



# Livestream

## AUS EISER PARKIERCH VU BRUCH

Dir fannt eise Livestream all Sonndes um Youtube iwwert eisen Kont Äischdall-Helpert







POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
Mir stinn lech zur Säit
fir Äert Graf vun Äre
léiwe Verbliwwenen
ze ënnerhalen.
Schéi Blummen,
ofwäschen oder nei
ausfouen.
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu

SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

CAP Construction
Art et Pavés · Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

## Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT
CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

**www.sopiconcept.lu**

El Payador

RESTAURANT
SUDAMERICANO

2, rte. de Finsterthal
L-7769 Bissen

Tel: 26885135
Fax: 26887235

www.elpayador.lu - info@elpayador.lu



*Restaurant-Brasserie*
*Am Hennesbau*
*15 c rue de la Fail*
*L-9175 Niederfeulen*
Tel.: 26 90 45 77 ou
info@deklautjen.lu

# Hélène Grober

Depuis 30 ans déjà !

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION

**NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN**



MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente



EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

**Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.**

**Tél.: 40 97 90**

**Autres projets en vente ou à venir* :**
**BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)**
**LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)**

**... et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu**

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT


Wagner
pompes funèbres
Tél : 32 92 27 (24/24)
45, rue Principale
L-7595 Reckange/Mersch
pfwagner@pt.lu
Au service des défunts et de leurs familles en deuil
24/24 heures pendant toute l'année
• Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
• Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
• Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
• Transports nationaux et internationaux
• Incinération sans adhérence à une société
• Fleurs et accessoires